# Aktioun Bestëbserstauden 2026

Zesumme mat der Biologescher Statioun SIAS schafft eis Gemeng dorun, fir de Bestëbser erëm méi Pollen- an Nektarquellen an eisen Dierfer ze bidden. Aus deem Grond huet de Schäfferot decidéiert, fir d'Bierger bei der ekologescher Gestaltung vun hire Gäert a Balkonen ze ënnerstëtzen. Mir bidden Iech och dëst Joer erëm zesumme mam SIAS eng Aktioun, mat där Dir Äre Gaart ästhetesch an ekologesch opwäerte kënnt an de Bestëbser-Insekten eng wichteg Narungsquell bitt.



Mir offréieren all Haushalt aus der Gemeng ee Pak mat 6 bestëbserfrëndleche Wëllstaude fir ronderëm d'Haus ze planzen. Wëllstauden si méijäreg Planzen, déi sech am Wanter an de Buedem zeréckzéien an am Fréijoer nei ausdreiwen. Als lëtzebuergesch Wëllstaud gi Stauden bezeechent, déi aus dem Som vu wëlle Planzen hei zu Lëtzebuerg gezillt goufen an eis sou an hirer Wëllform erhale bleiwen. Sou kënnen d'Insekten am beschte vun de natierleche Bléie vun der Färberkamill, der Margréitchen oder der Moschus-Malve profitéieren. Säit dësem Joer ginn dës Stauden och zu Lëtzebuerg an Zesummenaarbecht mat soziale Strukture wéi dem CIGL Esch oder dem Lëlljer Gaart produzéiert.

Am beschte planzt Dir d'Stauden op eng sonneg Plaz ronderëm Äert Haus (bei der Liwwerung kritt Dir och eng Planz-Uleedung mat Informatiounen zu deene verschiddene Staude). Dir musst eng Fläch vun engem Quadratmeter fir déi 6 Staude virgesinn. Wann Dir Iech weider wëllt iwwer Stauden an hiren Notzen an der Natur informéieren, da kënnt Dir dëse QR-Code scannen.

D'Staude ginn am Hierscht 2026 un déi interesséiert Bierger verdeelt.

---------------------------------------------------------------------------------------------------------------

Ech wëll mech un der Aktioun "Bestëbserstauden 2026" bedeelegen, a bestellen e Staudepak mat 6 Bestëbserstauden:

Numm & Virnumm: ________________________________________

Adress & Uertschaft: ________________________________________

Telefon & Mail: ________________________________________

Formulaire bis e **Freideg, den 2. Oktober 2026, zeréckschécken**
un d'Gemeng Manternach - 3, Kierchewee L-6850 Manternach
oder per Mail un info@manternach.lu.

GEMENG manternach

SIAS

# Action plantes vivaces pollinisateurs 2026

En collaboration avec la station biologique SIAS, notre commune s'engage à augmenter les sources de pollen et de nectar pour les pollinisateurs dans nos villages. C'est pourquoi le collège des Bourgmestre et échevins a décidé de soutenir les citoyens dans l'aménagement écologique de leurs jardins et de leurs balcons. Nous vous proposons cette année, en coopération avec le SIAS, une action permettant de valoriser à la fois l'esthétique et l'écologie de votre jardin, tout en créant une source de nourriture pour les pollinisateurs.



Chaque ménage de la commune peut recevoir gratuitement un paquet de 6 plantes vivaces sauvages à planter aux alentours de la maison. Les vivaces sont des plantes qui se retirent dans le sol en hiver et repoussent au printemps. Ces vivaces sauvages luxembourgeoises proviennent de graines récoltées d'auprès des plantes sauvages indigènes, ce qui permet de préserver leur forme naturelle. Les insectes peuvent ainsi profiter pleinement des fleurs naturelles de la camomille des teinturiers, de la marguerite ou encore de la mauve musquée. Depuis cette année, ces plantes sont produites au Luxembourg en collaboration avec des entreprises sociales telles que CIGL Esch ou Lëlljer Gaart.

Le paquet est gratuit et doit être planté sur le terrain du requérant. Il est préférable de planter les vivaces dans un endroit ensoleillé et de prévoir une surface d'environ un mètre carré pour les 6 plantes (un guide de plantation contenant des informations sur les différentes variétés sera fourni). Si vous souhaitez obtenir davantage d'informations sur les plantes vivaces et leur utilité pour la nature, veuillez scanner le code QR.

Les plantes vivaces seront distribuées en automne 2026.

---

Je veux participer à l'action "Plantes vivaces pollinisateurs 2026" et je commande un paquet de 6 plantes vivaces pollinisateurs :

Nom & Prénom : ________________________________________

Adresse & Localité : ________________________________________

Tél. & Mail : ________________________________________

Formulaire à **renvoyer jusqu'au vendredi 2 octobre 2026**
à la Commune de Manternach - 3, Kierchewee L-6850 Manternach
ou à l'adresse électronique info@manternach.lu.